



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'aménagement
du territoire

Äntwert vum Här Minister fir Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n° 6341 vum 14. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierte André Bauler.

Wéi den honorabelen Deputéierten a senger Introduktioun schreift, huet sech d'Gemeng Parc Housen an de leschte Jore gutt entwéckelt, net eleng duerch d'Fusioun vun de fréiere Gemengen Housen, Konstern an Houschent. Virun allem den Haaptuert Housen huet vu senger Situatioun un der N7 profitéiert an huet méttlerweil eng héich Zentralitéit fir bal 1 200 Awunner. Di aner 2 800 Awunner vun der Gemeng sinn op eng Dose kleng Dierfer verdeelt.

Landesplaneresch ass et wichteg, dat de Wuesstem sech innerhalb vun den Haaptlokalitéite konzentréiert fir esou eng "masse critique" ze schafen di et erlaabt de lokale Commerce, Zerwisser an Equipementer ze erhalen, respektiv ze entwéckelen. D'Konzentratioun vun der Entwécklung erméiglecht och eng besser Accessibilitéit mam éffentlechen Transport respektiv eng zousätzlech Fërderung vun der Mobilité active (ze Fouss, mam Vëlo,...).

De System vun de CDA'e (Centre de développement et d'attraction) deen am neie PDAT (Programme directeur d'aménagement du territoire) proposéiert gëtt, baséiert sech op de PDAT vun 2003. Den Ursprung vum Système vun de CDA'en fënnt ee schonn am PDAT vun 1978.

De PDAT gesäit 4 CDA'e fir de Norde vir - Wolz, Klierf, Veianen an d'Nordstad - di solle weider gestärkt ginn. D'Ausweisung vun engem zousätzleche CDA an dësem Deel vum Land géif an dësem Sënn d'Positioun vun de besteende CDA'e schwächen.

De neie PDAT gëtt sech als weidert Zil d'Buedemversigelung am ganze Land progressiv ze reduzéieren an de Wuesstem op di aktuell besteend CDA'e an Haaptagglomeratiounen ze konzentréieren. Eng nei Planungskultur ass dofir noutwenneg - verstärkt Multifunktionalitéit, Émplange vu schonns versigelte Flächen, asw. Dëst Zil ass am Aklang mat den ambitiése klimateschen, energeteschen an emweltschützlereschen Objektivier di d'Lëtzebuerger Regierung sech ginn huet.

An deem Sënn ass net ugeduecht der Gemeng Park Housen oder der Lokalitéit Housen am Kader vum neie Programme directeur d'aménagement du territoire de Statut vu regionalem Zentrum ze ginn.

Luxembourg, le 12 juillet 2002

Le Ministre de l'Aménagement du territoire
(s.) Claude TURMES